



Liewen, iwwert deen Taux, dee Budget de référence, deen ee wierklech brauch, fir als Een-zelne kënnen dezent ze liewen, an dezent heescht, mënschewierdeg ze liewen, datt een do wesentlech méi bräicht wéi dee Mechanismus, dee mer haut stëmmen wäerten.

Bon, ech hu virun zwee Joer hei op dëser Plaz schonn eng Ried gehalen, a virun zwee Joer war et och esou, datt mer nei Rekordwäerter haten, wat d'Auseanergoe vun der sozialer Schéier ugaangen ass. Virun zwee Joer hate mer dee Moment 11,9 % Working Poor, dat war dee Moment och schonn en histoersch héije Wäert. An duerno ass da gesot ginn: „Jo, mä mir maachen elo déi soziaalt vun alle Finanzreformen an dat wäert een Element dovunner sinn, eppes wat dozou bäidréit, datt deen Taux zrëckgeet.“

Déi Finanzreform ass zënter 2017 a Kraaft a mir gesinn an den Zuelen einfach, datt se näischt bruecht huet, mä datt d'Zuelen éischter nach weider an d'Luucht gaange sinn an datt dat duerfir net den eenzegen a wichtegen Hiewel ka sinn, mä datt de wichtegen Hiewel dee muss si vun der Bruttomindestlounerhéijung, fir déi mir och nach ëmmer selwer stinn, dës zesummen, wéi gesot, mat de Gewerkschaften.

Mech huet awer eppes an der Argumentatioun vun enger Beruffskummer besonnesch ameséiert, dat war d'Chambre des Métiers, déi argumentéiert huet, um Beispill vun der Constructioun, datt dat en negativen Afloss kéint hunn op d'Kompetitivitéit.

Also et gëtt e Beräich, wou et en negativen Afloss kéint hunn, an dat ass den Horeca-Beräich, well dat effektiv deen eenzegen ass, deen eenzege Beräich ass, wou d'Bruttolén am Ausland e bëssen, an et gëllt och just fir Däitschland, e bëssen ënnert deene vu Lëtzebuerg leien. An all deenen anere Beräicher leien d'Bruttolén zu Lëtzebuerg net iwwert deenen a Frankräich an an der Belsch an an Däitschland.

Duerfir, grad dat dote Beispill ze huelen, dat ass net ganz gönschteg gewielt. A mir mengen duerfir bei der Entwécklung vun der Constructioun, déi jo och op aner Facteuren ugewisen ass, wéi zum Beispill öffentliche Investitiounen et cetera, datt dat keen Afloss dorop huet.

Meng Zäit ass ofgelaf, Här President, ech gesinn dat. Ech ginn den Accord vun eis als Lénk, fir dee Mechanismus, dee mer zënter Jorzéngten uwenden, och dës Kéier unzewenden.

An ech si wierklech awer ganz gespaant, wéi déi 100 Euro netto den 1. Januar sollen zustane kommen, well jo do och nach eng Bruttoerhéijung zum Deel zumindest, esou wéi ech am Koalitionsaccord gelies hunn, derbäi wär, wéi een dat da retroaktiv verrechent. Dat Geheimnis, denken ech, wäert de Minister eis herno erklären.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, léif Matbierger, fir d'Éischt emol e Merci un de Rapporteur Georges Engel fir dee Bericht, deen en esou schéi gemaach huet.

Wa mer vum Mindestloun schwätzen, da schwätze mer vu méi wéi nëmmen enger Zuel. Mir schwätzen hei vun deem Verdéngscht, mat deem d'Leit hir Existenz ofsécheren. Mir Piraten sti fir sozial Kohäsion. Mir setzen eis dofir an, dass déi sozial Schéier tëscht Grouss- a Klengverdénger zesummekënn. All Eenzelen an der Gesellschaft sollt déi gläich Viraussetzungen hunn, fir säi Liewe fräi ze gestalten.

Aus dësem Grond stelle mir eis enger Erhéijung vum Mindestloun net an de Wee. Mir hätten awer ganz gär gehat, wann déi méi wéi nëmmen 1,1 % gewiescht wär.

De Mindestloun, dat ass de Präis, dee mer als Gesellschaft jiddwerengem mindestens dofir garantéieren, fir seng Aarbechtsleeschtung un e Patron - jo! - ze verkafen. Wie beim Mindestloun spueren wëllt an de Leit hiren Existenzminimum verweigert, dee kraacht de Leit hire leschte Botter nach vun der Kuuscht.

An d'DP huet virdrun hei d'Diskussioun ugefaangen: „Moi es muss een opstoen an nach Loscht hunn, fir schaffen ze goen.“

Gi mer dann elo emol hi mam Mindestloun: Do si ganz vill Leit, déi wëssen den 21. vum Mount schonn net méi, wéi se um Enn vum Mount auskommen! Déi soen: „Oh, wat geschitt dann elo? Wéi gi mer dann do nach virun?“

Do muss een awer emol ganz kloer soen: Wann d'Leit moies déi Motivatioun sollen hunn, fir schaffen ze goen, da muss awer och herno eppes iwwreg bleiwen. Ech mengen, mir müssen net d'Diskussioun féieren, wéi wann

een, deen haut de Mindestloun huet, herno nach esou vill op e Spuerkonto kéint leeën.

Dann, mir hunn deen héchsten an Europa, mä dat ass och esou en Zuelentrick. Gitt emol eng Kéier hin a rechent et prozentual zu de Käschten, déi een huet, fir hei ze wunnen! Ech mengen, da kommt Der net méi op esou eng schéin Zuel, wéi se virdrun hei presentéiert ginn ass.

An den 1. Januar, jo, et mag sinn, dass do elo d'LSAP dat versprach hat. An ech ginn och fest dovun aus, dass d'Kollege vun der LSAP dat éierlech gemengt hu virun de Wahlen an dat och gären ëmgemat hätten.

(*Brouhaha*)

Mä ech hunn de Verdacht, dass ee Koalitions-partner dat verhënnert huet.

D'Madamm Cahen ass elo leider eraus.

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Leet Äre Kapp a Rou, dat geet schonn!

► **Une voix**.- Mir wäerten dat scho maachen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mä ech gi fest dovunner aus, dass d'DP do gebremst huet, fir déi sozial Measure ëmzesetzen.

► **Une autre voix**.- Aah! Elo wësse mer et.

(*Interruption*)

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Wa mer vum engem Mindestloun schwätzen, schwätze mer nach laang net vum engem faire Loun. Et ass méi wéi evident, dass och dës Erhéijung vum Mindestloun net duergeet, fir d'Schéier tëschent Aarm a Räich zesummenezeféieren. Déi Erhéijung heescht konkret, dass d'Leit ronn 22 Euro méi um Enn vum Mount wäerten hunn. Ob de Leit, déi vum Mindestloun liewe wäerten, domadder wierklech gehollef ass, dat loosse mer emol am Raum stoen.

Net ze vergiessen, dass, wann een d'Budgete kuckt vun de Gemenge fir d'nächst Joer, op ville Plazen déi Taxen nach wäerten an d'Luucht goen. A wéi mer virdrun héieren hunn, gëtt jo och nach eng Kéier de Spritt méi deier. An ech mengen, et ass eng ganz Lëscht - esou vill Riedezäit huet een net -, wat alles nach wäert méi deier ginn. Deementspriedend sinn déi 22 Euro ganz schnell erëm opgiess.

(*Interruption*)

Jo! Wéini? D'Leit brauche se!

(*Interruption*)

Maacht virun! Dat ass et, wat zielt!

(*Interruption par M. Claude Haagen*)

Jo, dat hëlleft de Leit awer net direkt.

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Dat ass richtig.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Gesitt Der emol! Mir gesinn déi Erhéijung net als Kaddo, och net als Verdéngscht vun enger Partei. Et ass keng sozial Wohltat säitens der Regierung, mä hei gëtt einfach nëmmen eng Upassung gemaach. Vun deenen 100 Euro netto, déi versprach gi sinn, falen der also 22 ënnert dës Augmentatioun.

Mir fuerderen, dass d'Regierung sech hirer Verantwortung wierklech stellt an effektiv Mesuren hëlt, déi den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg begrenzen.

De Mindestloun muss, wa mer vu Sozialpolitik schwätzen, mindestens 20 % iwwert dem Aarmutsrisiko leien. Eréischt da kann ee vun engem Mindestloun schwätzen, deen de Begrëff „Loun“ och gerecht verdéngt huet.

Mir stëmmen dës Erhéijung mat, hätten awer léiwer eng Zuel gehat, déi vill méi héich ass wéi 1,1 %. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Goergen. An elo huet d'Regierung d'Wuert. Här Aarbechtsminister Dan Kersch, wannech gelift.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. Virdrun huet den Här Back der Chamber gesot, dass e frou wär, dass e seng éischt Ried hei an dësem héijen Haus kéint hale grad zum Thema Mindestloun.

Dat ass och meng éischt Ried als Aarbechtsminister an ech si gradesou frou wéi hien, dass et grad iwwert dat Thema Erhéijung vum Mindestloun geet. Ech wëll och e grouss Merci ausdrécken un de Rapporteur engersäits, anerersäits awer och un d'Spriecher vun alle Fraktiounen, well ech keen heibannen am Sall héieren hunn, deen der Meenung gewiescht wär, dass et net un der Zäit wär, fir de Mindestloun an d'Luucht ze dreien. Mir hunn also hei an dëser Fro eng grouss Eenegkeet, an ech begreissen dat.

Et ass richtig, dës Gesetzesprojet ass nach ausgeschafft gi vu mengem Virgänger, dem Nicolas Schmit. An deem Sënn kann een dat scho bal esou gesinn, dass ech elo hei am Fong da géif d'politesch Lorbeere vu mengem Virgänger ernten. Mä ech mengen, wann d'Chamber an där Eenegkeet dee Gesetzesprojet wäert stëmmen, esou wéi et elo hei ugedeit ass, dann ass dat de Verdéngscht vun der Politik insgesamt. An dat ass och gutt esou, dass mer et fäerdegbréngen, an entscheidende Froe vun der sozialer Kohäsion vun eisem Land Eenegkeet ze weisen.

Ech wollt vläicht ee Wuert soen, well dat mir opgefall ass, wéi ech déi eenzel Avice gelies hunn: Duerch de Mechanismus vun der Upassung vum Mindestloun, wéi mer en actuellement hunn, hu mer de facto - an et huet nach kee Riedner dat gesot, dofir halen ech drop, fir et ze soen - ëmmer e Retard vun annerhallwem Joer. Dat ass net politesch gewollt, dat ass geschëllt den technesche Viraussetzungen, déi mer hunn, fir déi Adaptatiounen ëmmer ze berechnen.

Ech wäert mer op de Fändel schreiwen, fir ze probéieren, alles ze maachen, fir dee Retard zumindest ze verkierzen, och wa mer e mat Sécherheet net ganz wäerte kënnen opschaffen.

Ech sinn och frou, dass déi intellektuell Éierlechkeet an dësem Sall hei d'Iwwerhand behalen huet an dass, entgéint deem, wéi et an der Press heiansdo duergestallt ginn ass, mer hei net vun enger automatescher Upassung schwätzen, déi et nom Code du travail iwwerhaupt net gëtt. An den Deputéierte Baum ass do, fir mech ze confirméieren: En huet vun enger Traditionioun geschwat, mä net vun engem gesetzlechen Automatismus, deen et och am Gesetz absolutt net gëtt.

Et ass ëmmer nach eng politesch Entscheedung vun enger Regierung, vun enger Chamber, ier et zu där Adaptatioun vum Mindestloun kënnt, déi mer elo haut maachen.

Vläicht awer an deem Kontext, an et wäert deenen, déi de Koalitionsaccord am Detail gelies hunn, opgefall sinn: D'Regierung huet sech engagéiert iwwert de Koalitionsaccord, fir déi fakultativ traditionell Opwäertungen an deenen nächste fënnef Joer och ze maachen. Ech mengen, och dat sollt een eng Kéier op dëser Plaz hei ervirsträichen.

Da kommen ech natierlech net derlaanscht, och als Regierungsvertreder op déi Diskussioun vun 100 Euro netto - réckwierkend, Här Kaes, op den 1. Januar 2019, leet Äre Kapp also do a Rou! - anzegoen. An esou wéi Dir et och ugedeit hutt, ass dat jo kloer, wann ee vun 100 Euro netto schwätzt, dann heescht dat jo, dass dat brutto net mat 100 Euro duergeet, mä dass mer eis wahrscheinlech an enger Gréisstenueerdung vun 115, 116, 117 Euro wäerte bewegen, fir op déi 100 Euro netto ze kommen.

An et ass och festgehalen, dass een Drëttel vun där Zomm engersäits vun de Betriber soll opbruecht ginn an zwee Drëttel iwwert de Wee vun de Steiere solle goen, an dat an dräi Etappen also insgesamt. Déi éischt Etapp si mer haut amgaangen ze maache mat enger Opwäertung vum Mindestloun vun 1,1 %. Eng zweet Etapp wäert kuerzfristeg nokomme vun 0,9 %. An de Rescht wäert dann iwwert de sougenannte Steierwee geschéien, wahrscheinlech schonn am Budgetsgesetz.

An eng vun de Pisten, wéi mer dat wäerte maachen, och dat ass elo virdru schonn hei ugeschwat ginn, ass natierlech de Crédit d'impôt. Dat huet dann dee grouss Virdeel, duerch Lissage an esou weider, dee mer zéie musse bis mindestens bei de qualifizéierte Mindestloun, dass also nach eng ganz Rei vun anere Leit, déi net onbedéngt just um Mindestloun sinn, och nach vun dëser Measure wäerte profitéieren, an dat ass och gutt esou.

D'Detailer, wéi gesot, an enger zweeter Etapp, wat déi 0,9 %-Erhéijung vum Mindestloun ugeet, an dann an enger drëtter Etapp, wéi ech et virdru gesot hunn, wahrscheinlech am Budgetsgesetz.

Ech wollt vläicht nach ee Wuert soen zu der Iddi, fir just eng reng Steierbefreiung ze maachen. Ech mengen, dass dat net géif duergoen, well d'Steierbefreiung effektiv fir déi Leit an der Klass 1 eppes géif bréngen, mä fir déi Leit an der Klass 1A oder an der Klass 2 natierlech näischt géif bréngen, well déi haut scho steierfräi sinn. Déi géife bei enger renger Steierbefreiung null Euro Gain kréien. Dat ass net dee Wee, deen d'Regierung wäert aschloen. Eis Iddi ass, wéi gesot, éischter déi vun de Crédit-d'impôts, déi dann e ganz positive Mitnahmeeffekt fir eng ganz Rei vu Leit nach wäerten hunn, déi haut kuerz iwwert dem Mindestloun leien.

Ech hunn dann zwou konkret Froe gestallt kritt. Dat eent war déi vun der Léierlingsentschiede-

gung. Ech mengen, do ass et esou, dass déi festgehal e gëtt iwwer e Règlement grand-ducal, deen an der Éducation nationale gemaach gëtt. Selbstverständlech profitéieren awer déi Leit, déi an dem Apprentissage d'adulte sinn, vun dëser Measure, well déi un de Mindestloun gebonne sinn.

An déi aner Fro war déi ganz konkret iwwert den Artikel 222-6 vum Code du travail, iwwert d'Demande vun de Betriber. Ech kann lech soen, dass mer zu dësem Moment nach keng esou eng Demande virleien hunn.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Aarbechtsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7381 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7381. Den Text steet am Document parlementaire 7381<sup>3</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat folgend: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi 7381 ass also domadder eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Roberto Traversini), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass dann esou decidéiert.

**9. 7391 - Projet de loi portant modification de :**

**1° la loi du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ;**

**2° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ; et**

**3° la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale**

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7391, der Upassung vum REVIS op den 1. Januar 2019. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Galles, den Här Di Bartolomeo, d'Madamm Bernard, den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration**

► **M. Gilles Baum** (*DP*), *rapporteur*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 7391 ass souzeseen d'Ergänzung vum Projet de loi 7381, dee mir elo grad vum Kolleg Georges Engel virgestallt kritt hunn an dee mer och elo grad gestëmmt hunn, wou et ëm d'Erhéijung vum Mindestloun ëm 1,1 % goug.

Mam Projet de loi 7391 ginn de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale, an och den RPGH, de Revenu pour personnes gravement handicapées, och ëm 1,1 % gehuewen, éischters emol fir der Evoluitioun vum Salaire moyen vun





de Joren 2016 an 2017 Rechnung ze droen, an awer och, fir ze verhënnere, dass den Ecart tëschent dësen zwee Revenuen an dem Salaire moyen weider wisst, zum Nodeel vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft.

Dofir adaptéiere mer d'Montanten am Gesetz vum 28. Juli 2018, dem Gesetz vum REVIS, an an deem vum 12. September 2003, wat d'Personnes handicapées ugeet.

Den Artikel 25 vum Gesetz vum 12. September 2003 betreffend d'Personnes handicapées gëtt am Alinea 2 ersat, an zwar ass et esou, dass den RPGH elo un d'Augmentation och vum REVIS directement gekoppelt gëtt.

Am Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Aide sociale an och am REVIS-Gesetz vum 2018 ginn dobäi nach ganz llicht Erreur-matériellement behuuewen. D'Hausse ëm 1,1 %, déi den 1. Januar a Kraaft trëtt fir de REVIS an den RPGH, beleeft sech am Ganzen op 2.804.286 Euro, zesumme gesat aus 2.272.624 Euro fir de REVIS a 531.662 Euro fir den RPGH.

Wéi gesot, et ass e Gesetz, wat deene Schwächsten an eiser Gesellschaft zeguttkënnt. An dofir ginn ech natierlech direkt den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Eischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Paul Galles (CSV).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, léif Membere vun der Regierung, haut debattéiere mer hei an der Chamber also iwwer ee Gesetzesprojet, mat deem d'Basismontante vum REVIS a vum Revenu fir Leit mat engem schwéieren Handicap ëm 1,1 % erhéicht ginn. An haut halen ech och meng éischt Ried als Deputéierten. An ech si frou, dass ech dat zu esou engem wichtige Thema dierf maachen.

Ech soen op dëser Plaz mengem Kolleeg Marc Spautz Merci, dee viru bal genau fënnf Méint zum Gesetzestext 7113 am Numm vun der CSV zur Aféierung vum REVIS geschwat huet.

Den Émgang mat de Leit, deenen et net esou gutt geet, de Sujet vun der Aarmut a vun der Aarmutsbekämpfung, alles dat sinn Themen, déi mech scho laang begleeten a beschäftegen, an dat prägt natierlech. An dat verdéift virun allem ee Wunsch: dass eis Sozialpolitik keng Almosepolitik ass, mä e Choix, ee strukturelle Choix.

Woufir net weltwäit bekannt ginn als dat Land, dat et fäerdegbréngt, d'Schéier tëschent Räich an Aarm erëm zouzemaachen?

Ech soen lech och alleguerter Merci fir dee waarmen Accueil, deen ech vun lech alleguerter krut hei am Haus vun der Demokratie. An dat ass fir mech eng immens Eier a Freed, mat lech zesummen hei am Interesse vun eise Leit dierfen ze schaffen. A well et haut ëm Mënsche geet, deenen hir Stëmm weéng gehéiert gëtt, sollte mir als Volleksvertreieder, déi mer sinn, alles maachen, fir dës Leit esou gutt wéi méiglech ze verrieden.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, mat dësem Gesetzestext ginn also d'Basismontanten ëm 1,1 % erhéicht. Dat ass à la base immens wichtig a gutt, an dat huet den Här Rapporteur och schon andrécklech geschilbert. Dofir Merci, Här Baum! Erlaabt mer awer, am Numm vun der CSV eng Rei wichtig Saa-chen unzeschwätzen!

Mir begrëssen, dass de Revenu pour personnes gravement handicapées ëm 1,1 % gehéicht gëtt, genau wéi mer déi am Koalitionsaccord envisagéiert Reform vun dësem Gesetz vun 2003 begrëssen.

Wat de REVIS selwer ugeet, op deem dëst Gesetz jo hei baséiert, esou steet am Koalitionsaccord dran, dass eng Etüd soll gemaach ginn, fir den neie REVIS ze evaluéieren. Dat begrësse mer, well d'CSV hat d'Regierung an enger Motion am Juli dozou opgefuert, esou eng Evaluatioun spéitstens zwee Joer nom Akraaft-triede vum Gesetz ze maachen.

Mir begrëssen och d'institutionell Ëmsetzung vun dëser Reform. Wéi een dann elo noliese kann, wëllt d'Regierung souwuel dem ONIS wéi och den Agents régionaux d'inclusion sociale weidert Personal un d'Säit stellen, fir d'Ëmsetzung ze bewältegen. Hei stelle sech awer och nach weider institutionell Froen. Et gi Leit mam Statut vum Salarié handicapé, déi elo net méi vum SRAS beziungsweis elo ONIS betreit ginn, mä vun der ADEM, an déi innerhalb vun dräi Méint hir bishereg Struktur wiessele

mussen. Dat ass natierlech immens destabiliséierend fir dës Leit an et ass och eng Schwierigkeet fir déi betraffe Strukturen, well se dës Leit elo als Staff iwwerhuele missten, wa se se dann hale wëilten.

An dofir dränge sech d'Froen op: Wivill Persounen sinn dovun betrafft? A wär et net verwaltungstechnesch besser gewiescht, se an der AIP beziungsweis an der Mesure d'activation vum REVIS ze halen, amplaz se elo an d'Beschäftigungsinitiative vun der ADEM ze orientéieren?

Här President, mir müssen awer och bei enger ganz grondleeënder Kritik bleiwen, déi trotz allem elo och bei dëser Erhéijung net obsolet gëtt, nämlech dass de REVIS leider keng substantiell finanziell Verbesserung fir déi betraffe Leit wäert bréngen. An dat ass leider eng verpasste Chance. Dëst gouf och vun enger Rei vu Berufschamberen an och vun der Caritas duerch Rechebeispiller ganz kloer nogewisen.

Aus der Etüd vum Referenzbudget geet ervir, wat eng Famill misst hunn a wat d'Leit elo kréien, an dass do dertëscht eng immens Differenz läit - eng Kritik, déi iwwregens och vum Statsrot a sengem Avis gemaach gouf -, an dat virun allem an engem Land, wou den Haaptproblem, wat d'Aarmut ugeet, de Präis vun Wunnen ass.

Am Koalitionsaccord steet och eng weider Etüd, fir erauszefannen, wéi eng Käschten eng Famill mat Kanner huet, also wat e Kand kascht. D'CSV huet ëmmer kritiséiert, dass d'Basismontante vum REVIS nach op Basis vun den ale Kannergeldzoulage berechent goufen, dat heescht, wou d'Kannergeldmontanten nach gestaffelt pro Kand waren. Eng Rei Stéit, déi elo de REVIS an dat neit Kannergeld be-zeien, hunn also leider finanziell Verloschter. Mir si gespaant, ob dës Etüd zur Konkusioun kënnt, dass eng Famill mat méi wéi zwee oder dräi Kanner méi Ausgaben huet wéi eng mat just engem Kand. Dann dierft d'Kannergeld ab deem zweete Kand also net méi uniformiséiert bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun deenen 10.093 Stéit, déi den aktuellen RMG kréien, hunn der iwwer 9.000 eege Revenuen a kréien d'Allocation complémentaire. E Grouss-deel ass also net onaktiv. Or, et muss ee feststellen, dass déi Stéit mat Ach a Krach iwwert d'Ronne kommen. A mir als CSV wëllen d'Aarmut bekämpfen an hätten dofir déi eenzel Montanten esou opgebessert, dass all Stot eng spierbar Verbesserung am Portmonni gemierkt hätt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Paul Galles (CSV).** - Trotz dëser weiderbesteeënder Kritik un de Montante vum REVIS begrësse mer elo déi aktuell finanziell Opwärtung vun 1,1 % natierlech a stëmmen dofir och dëse Gesetzestext mat. Mä mir hoffen awer an Zukunft op eng méi substantiell Ännerung, wann all déi Evaluatiounen an Etüden um Dësch leien.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

#### (Interruptions diverses)

► **Une voix.** - Et ass seng Jungfernried.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegeen, jo, et ass mat enger gewëssener Emotion, wou ech hei virun lech trieden, well meng lescht Ried op dëser Plaz als Deputéierte läit bal 15 Joer zréck.

Do dertëscht leien zwou aner Perioden an, jo, et ass lernbedürftig, fir erëm an déi nei Roll eranzekommen, dat ëmsou méi, well et bei engem Projet haut ass, dem Revenu d'inclusion sociale, fréier oder nach RMG, wou ech viru bal 35 Joer als Fraktiounssekretär mat implizéiert war bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet, zesumme mat eise Kollege, dem Biltgens Fränz, deen op där anerer Säit an der CSV-Fraktioun souz.

Mat der Schafung vum RMG ass e wichtigen neie Pilier an eiser Sozialpolitik, Sozial- a Solidaritéitspolitik entstanden. An ech erënnere mech drun, dass déizäit, wéi mer iwwert d'Aféierung diskutéiert hunn, ee vun deene Punkten, deen am heftegsten diskutéiert ginn ass, dee vu méiglechen Abuse war. Et ass gefaart ginn deemools, dass iwwert de Wunsch, fir deene Schwächsten ze hëllefen, eng Rei vu Leit kéinte vun deem neien Instrument profitéieren.

Abee, ech wëll soen, dass haut den RMG, deen zukünftege REVIS, ukomm ass an dass eigentlech an déi Richtung ganz weéng Kriticke kommen, well sech och d'Gewëssheet duerchsetzt, dass Abusen, Mëssbräich d'Exception

bleiwen an dass déi Leit, déi den RMG oder an Zukunft de REVIS kréien, duerch iergenden Emstand an Nout komm sinn an an enger räicher Gesellschaft d'Solidaritéit vun eis all ver-déngen a mam REVIS och nach méi eng staark Ënnerstützung kréien, fir erëm op eege Féiss ze kommen, fir aus dem Misär erauszekommen.

Mam REVIS, dee viru e puer Méint hei an der Chamber diskutéiert ginn ass an den 1. Januar wäert a Kraaft trieden, hu mer eng weider wichtig Etapp an dësem Beräich gepackt. An et wäert lech och net wonneren, dass meng Fraktioun, d'LSAP-Fraktioun, 100%eg hannert der Erhéijung vum REVIS ëm 1,1 % steet, wat keng Evidenz ass, well an der Period tëschent 2011 an 2017 de REVIS net ugepasst ginn ass a mer elo erëm zu enger aler Tradition iwwerginn.

Ech mengen, dass mam REVIS, deen a Kraaft trëtt, eng Rei vun Ongerechtegkeeten ofgeschafft ginn, dass an engem Stot net nëmme méi ee Kand vun de Reintegratiouns-moos-name profitéiert, mä och dat zweet oder méi, wat ganz gutt ass, well an deene meeschte Fäll d'Fraen déi waren, déi ënnert der jëtzege Regelung duerch d'Netz gefall sinn. Dat ass extrem wichtig, dass mer dat maachen.

Wichtig ass och déi besser Vernetzung tëschent deene verschiddenen Akteuren, déi intervenéieren, eng besser Definitioun vun de Rolle vun deenen Eenzelen. A gutt ass et och, dass mer an deene leschte Méint dovun profitéiert hunn, fir daitlech ze rekrutéieren. Dat ass virun allem de Fall bei den ARISen, bei den Agents régionaux d'intégration sociale. Dat ass och de Fall bei der ADEM. D'ADEM ass prett, fir Mëtt Januar déi nei Roll ze iwwerhuelen. An ech mengen, dass et gradesou wichtig ass, dass mer bei där Vernetzung tëschent de Service och un d'Vernetzung vun deenen eenzelne Politicken denken.

Ech mengen, wa mer Aarmutsbekämpfung soen, da kënne mer munches iwwer finanziell Ënnerstützunge maachen. Dat maache mer iwwert deen heite Wee, dat maache mer iwwert d'Allocation de vie chère, déi och revidéiert a gegebenenfalls adaptéiert soll ginn. Dat maache mer iwwert déi Villfalt vu Moosnamen, déi an deene leschte Joren un d'Netz gaange sinn, d'Subvention de loyer an eng ganz Rei vun anere Moosnamen.

Mir brauchen och d'Vernetzung tëschent deenen eenzelne Politicken, wa mer aus der Aarmutsfal wëllen erausgoen, dat heescht, d'berufflech Aktivatioun, d'Formation, d'Weiderbildung a virun allem ganz kräfteg Moosnamen am Wunnengsbau, am soziale Wunnengsbau, mä och beim erschwéngleche Wunnengsbau.

D'LSAP-Fraktioun ënnerstëtzt also deen heite Projet als eng weider Moosnam fir d'Aarmutsbekämpfung.

#### (Interruption par la présidence)

Jo, Här President, ech wäert et net esou maachen, ...

#### (Interruptions)

► **Une voix.** - Dir waart ëmmer ganz streng doran.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - ... wéi munchere viru mir. Ech lauschteren op lech an ech kommen zur Konkusioun, soen lech Merci, dass Der bei menger bal Jungfernried nogelasschert hutt, a jo, ...

► **Une autre voix.** - An net ënnerbrach.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Jo, leider, leider!

#### (Hilarité)

Villmools Merci! An ech mengen, dat hei ass e gudder Projet. Duerfir verdéngt en och d'Ënnerstützung vun eis all.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Di Bartolomeo. Nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Et schwätzt also elo nach een, deem seng éischt Ried dat ass, fir haut.

#### (Hilarité)

Ech hat geduecht am Ufank, wéi ech se geschriwwen hunn, dass ech domadder wuel dat Eenzegt wier, mä ech menge spéitstens elo, dat dote kréien ech net méi getoppt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Gilles Baum, Merci soe fir säi Rapport. Ech sinn immens frou, dann haut meng éischt Ried an der Chamber zu engem soziale Sujet halen ze kënnen, well de soziale Gedanken a mengem bisherege beruffleche wéi benevollen Engagement ëmmer eng ganz wichtig Roll gespilt huet.

Ech hu mer och fest virgeholl, fir mäi politesch Mandat ze notzen, fir weider géint d'Ongläich-

heeten an eise soziale System an an eiser Gesellschaft ze kämpfen. Dëst betrëfft am Wesentlechen d'sozial Inklusioun vun deenen an der Gesellschaft, déi mancher Chancen a Méiglechkeeten hunn.

Mir schwätzen haut iwwert déi finanziell Upassung vun zwee verschiddene Revenuen, déi säit Jorzenge e feste Bestanddeel an eise Sozialsystem sinn: de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale, deen ab dem 1. Januar den RMG ersetze wäert, an den RPGH, de Revenu pour personnes gravement handicapées, dee säit 2003 ënnert där Form besteet.

Mä wie bezitt déi Revenuen? Dat sinn déi vulnerabelst Leit aus eiser Gesellschaft. Si fannen aus verschiddene Grënn oft guer net oder nëmme schwéier Zougang zum regulären Aarbechtsmarché. Oder si ginn enger Aarbecht no, bei där d'Akommes net duergeet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Mir hunn et am Kader vum Mindestloun schon héieren. Mir schwätzen an deem Fall vun den „working poor“.

Ech ginn an deem Zesammenhang awer och gären op e rezente Statec-Bericht zur Aarbecht an der sozialer Kohäsioun an. Dëse Rapport huet kloer gewisen, dass den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg an de leschte Jore geklommen ass. Den Undeel vun de Mënschen, déi vun Aarmut bedrot sinn, louch am Joer 2016 bei 16,5 % an 2017 bei 18,7 %, wat also e markanten Ustig ass, an dat an Zäite vu ganz héijem wirtschaft-lechem Wuesstum.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Mesuren, déi u verschidde Revenue gekoppelt sinn, kënnen nach esou gutt sinn, mä si déngen alleguerter näischt, wann d'Suen net duerginn, fir an Dignitéit kënnen ze liewen!

Och am Sozialalmanach vun 2018 vun der Caritas gëtt op de REVIS, vun deem iwwer 10.000 Menagé profitéieren, agaangen. Nieft deene ville positive Verännerungen, déi d'Reform mat sech bréngt, sträicht si awer och verschidde Situatiounen ervir, déi ee besonnesch muss am A behalen; notament de Fall vu Jonken, déi ënnert dem Alter vu 25 Joer hiert Elternhaus verlosse mussen an nach net eligibel sinn, fir de REVIS ze empfänken.

An dësem Sënn begrësse mir Gréng ganz besonnesch d'Motioun, déi den 10. Juli 2018 an der Chamber votéiert gouf an déi sech derfir asetzt, dass de REVIS all dräi Joer evaluéiert gëtt, fir eventuell Ongerechtegkeeten ze evitéieren. Nieft regelméisseg globaler Evaluatioun ass awer grad och dat finanziell Upasse vum de Montanten op regelméisseg Basis néideg, wat mer jo heimadder maachen.

Well et awer wichtig ass, déi zwou Zorte vu Revenuen net duercherneenzegeheien, wëll ech ganz kuerz op si eenzel agoen.

Zum REVIS: Ech schlësse mech menger grén-ger Virriednerin Sam Tanson un, wat am Juli vun engem Paradigmewissel geschwat huet, deen dëst Gesetz mat sech bréngt. Dëst betrëfft souwuel d'Aktivéierung an d'Aarbechts-liewen, d'Verbesserung vun der Situatioun vun de monoparentale Famillje wéi och d'Simplification administrative vum Gesetz.

Zum RPGH: Bei dësem handelt et sech ëm eng ganz, ganz wichtig Mesure fir alleguerter déi Leit, déi sech um éischten Aarbechtswee net ermënnen kënnen an duerch de Seuil vun 30 % Capacité de travail keen Accès dora fannen. Och si hu Fäegkeeten, Kompetenzen an e Besoin, fir ze schaffen, fir sech ze verwierklechen.

Eng regelméisseg a remuneréiert Aktivitéit dréit am Wesentlechen derzou bäi, eng Plaz an eiser Gesellschaft ze fannen. De Statut vum Travailleur handicapé erlaabt et hinnen, dëst ze maachen, andeems si enger hinnen ugepasster Tätigkeet nogoe kënnen.

Dir Dammen an Dir Hären, eise Sozialsystem besteet aus lauter klengen Zännrieder, déi aneene-gräifen an och net ouni enee fonctionnéiere kënnen. D'Mesure selwer, an dësem Fall eist neit REVIS-Gesetz, mat senger Kritären a Komponenten ass dat eent Zännrad, den ugepasste Montant selwer en anert.

De Mindestloun, de REVIS, den RPGH: Si alleguerter stellen Zännrieder an eise Sozialsystem duer, un déi mir kënnen dréie goen, fir eng méi inklusiv, eng méi gerecht an eng méi solidaresch Gesellschaft ze hunn.

Ech wëll gären heimadder den Accord vu menger grén-ger Fraktioun ginn, fir dëst Gesetz ze stëmmen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, ech géif da fir





unzefänken dem Rapporteur, dem Här Gilles Baum, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, dat meescht ass hei gesot ginn. Et geet jo hei am Fong geholl drëm, fir déi Upassung vun 1,1 %, déi mer elo just an deem leschte Gesetz 7381 gemaach hunn, och ze iwwerdroen op dës Leit hei vum REVIS. Ech mengen, et ass eng logesch Konklusioun an eng logesch Suite vun där ganzer Geschicht.

Ech mengen, dat betrëfft grad déi Leit, déi net op Rouse gebett sinn an déi um ënneschte Seuil - wann ech esou dierf soen, finanziell elo gesinn - vun der Gesellschaft liewen. An ech mengen, deene mussen mer eis Ënnerstëtzung ginn. An ech ginn domadder eis Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Och mir ginn eis Zoustëmmung zu deem heite Gesetz, dat eng Erhéijung souwuel vum REVIS wéi vum RPGH bedeit vu jeeeweils 1,1 %, en analogie zu deem, wat mer virdu votéiert hunn.

Dat ass och richteg esou, well soss den Ecart tëschent dem Mindestloun an deem Mindestsaz, deem, wat fréier emol Revenu minimum garanti geheescht huet, weider géif an d'Luucht goen an doduerjer eigentlech mam neie REVIS souguer Leit géife penaliséiert ginn, déi eventuell de Mindestloun géife kréien. An duerfir muss och de REVIS deementspriedend ugepasst ginn.

Vill Saache vun deem, wat virdu gesot ginn ass, kann een definitiv ënnerstëtzen. Virun allem kann een net oft genuch betounen, datt wirklech deen allergréissten Deel, 90 % vun deene Leit, déi den RMG respektiv elo de REVIS kréien, Leit sinn, déi an enger Aarbecht sinn. Dat si Leit, déi schaffen! An dat klischéiert Bild dobaussen, wat oft gezechent gëtt vu verschiddene Kreesser, wéi wann dat alles just liddereg Pänz wäeren, dat entsprécht net der Realitéit. An dat kann een, mengen ech, net oft genuch betounen.

Viru sechs Méint hate mer e bësse Problemer mam Prinzip selwer vum REVIS an hunn och dorunner gréisser Kriticke geüübt. Kriticken, déi mer, mengen ech, nach ëmmer oprechterhale kënnen, notament datt e seng éischte Votatioun verfeelt, nämlech datt et kee Revenu d'inclusion sociale ass. An dat ass eng Kritik, déi och de Statsrot dee Moment a relativ schaarf Wieder formuléiert huet.

Bon, dëst gesot: Dat heiten ass eng legère Erhéijung vun deene Montanten no uewen. Mir stëmmen déi natierlech mat. Dat Eenzezt, wat een eventuell kritiséiere kann, wann een awer en Hoer an der Zopp wëllt fannen, dat ass den Datum vum Depot: Dat ass elo virun 13 Deeg gewiescht - d'Analogesetz iwwert de Mindestloun hat e bësse méi Virsprong -, duerfir sinn och eng Rëtsch Avisé vun de Beruffskummeren net do. An Zukunft kann een dat dann och vläicht méi zackeg maachen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen, wannechge-lift.

#### Prise de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech géif fir d'Éischt gäre vun der Geleeënheet profitéieren, well esou vill Riedner elo haut fir d'Éischt geschwat hunn an hir éischt Ried gehalen hunn, fir hinnen ze felicitéiere fir hir Rieden, déi se gehalen hunn. Well ech mengen, dass d'Riedner hei eppes gemeinsam hunn, déi, déi scho vill Riede gehalen hunn, an déi aner: Dat ass, dass se den Terrain kennen.

Virun allem wa mer vum REVIS schwätzen, vum RPGH, da wësse mer, vu wat mer schwätzen, mir wëssen, vu wem mer schwätzen. An ech mengen, hei ass jo en Automatismus, dee mer onbedéngt wëlle maache par rapport zum Gesetz, wat virdu hei gestëmmt ginn ass mat enger absolutter Majoritéit, nämlech dass, wann de Mindestloun an d'Luucht geet, dass dann och de REVIS an den RPGH sollen an d'Luucht goen.

Ech si frou, dass jiddwereen d'Evaluatioun vum REVIS begreist natierlech, déi mer eis engagéiert hunn ze maachen. Dat muss een och maachen. Dat soll een all puer Joer eng Kéier maachen, well och d'Welt net stoe bleift. An et muss een och kënnen déi néideg Adaptatiounen maachen, wann der néideg sinn.

Ech sinn awer hei virun allem emol nach eng Äntwert schëlleg, well eng Fro gestallt ginn ass vum honorabelen Deputéierte Paul Galles, nämlech déi vun de Salariés handicapés. An ech wëllt dofir och eng Kéier ganz kuerz do-robber agoen.

„Wivill Leit si betrëfft?“, hutt Der gefrot. Et sinn der manner wéi 40, déi betrëfft sinn. Mir hunn dat och um Radar. Mir loossen och do keen hänken. A mir sinn amgaange mam Ministère du Travail zesummen no Léisungen ze siche fir déi Leit. Also, do wäert sécherlech keen hänke-gelloos ginn.

An da wëll ech just drop opmierksam maachen, dass mer och am Koalitiounsaccord stoen hunn, dass mer d'2003er-Gesetz op de Leescht wëllen huelen, dass mer dat wëllen iwwerschaffen. Dat concernéiert och souwuel d'Salariés handicapés wéi déi am RPGH. Dat heescht, och dat huet dës Koalitioun sech engagéiert ze maachen. An dat wäerte mer dann och maachen.

Dat Eenzezt, wou ech mech dann awer e bësse wonneren, dat ass, wann hei gesot ginn ass, dass de REVIS keng substanzuell Verbesserung wär. Do muss ech mech dann awer schwéier wonneren, well ech mengen awer, dass, wann elo endlech deen Zweeten am Stot, nämlech dee méi Schwaachen, an dat ass meeschtens d'Fra, och endlech kann aktivéiert ginn, wann déi net méi muss einfach nëmmen doheem bleiwen oder wou och ëmmer an net dierf iergendwéi an eng Aktivatioun erakommen ... Da muss ech mech awer wonneren!

Virun allem als Fra sinn ech awer frou, dass d'Fraen och elo kënnen aktivéiert ginn, dass se sech och kënnen engagéieren, fir vläicht dann eng Kéier och aus deem REVIS erauszekommen, fir kënnen an d'Beruffsliewen eranzekommen a fir selwer och kënnen Suen ze verdéngen! Ech mengen, dass dat emol schonn eng ganz grouss Verbesserung ass.

An déi aner wirklech ganz grouss Verbesserung vun deem Gesetz, wat den 1. Januar elo a Kraaft trëtt, dat ass awer, dass d'Kanner méi consideréiert ginn, nämlech zu 30 %, also méi wéi virdrun, an an de Ménage-monoparentalen, wou nëmmen een Erwuessene leeft, souguer zu 40 %. An dat ass eng substanzuell Verbesserung par rapport zu deem, wéi et am RMG war! Dofir muss ech mech iwwert déi Ausso natierlech e bëssleche wonneren.

Ech mengen, den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo huet gesot: Et gouf och emol scho Momenter, wou de REVIS net ugepasst ginn ass par rapport zum Mindestloun, wéi deen ugepasst ginn ass. Ech si frou, dass mer elo en anere Wee ginn. D'ADEM an den ONIS sinn effektiv prett, fir vum 1. Januar un hir nei Aufgaben och ze iwwerhuelen.

An ech géif och gären nach eng Kéier déi honorabel Deputéiert Djuna Bernard zitéieren, déi gesot huet: „Et sinn Zännrieder, déi aneenegräifen.“ An ech mengen, jiddwereen ass och en Deel vum Zännrad, fir ze hëllefen, wann et de Leit net esou gutt geet a wa Leit an der Prekaritéit sinn. A wa Leit wirklech e Coup de pouce brauchen oder Hëllef brauchen, fir aus där Prekaritéit erauszekommen, dann hu mer all eng Responsabilitéit, fir do matzehëllefen.

Ech soen Iech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Familljeministesche. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7391 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7391. Den Text steet am Document parlementaire 7391<sup>2</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass wéi folgt: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen unanime ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Aehm) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di

Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Henri Kox), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dat ass dann domadder esou decidéiert.

### 10. 7217 - Projet de loi instituant un registre des bénéficiaires effectifs et portant

**1<sup>o</sup> transposition des dispositions de l'article 30 de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n° 648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission ;**

**2<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises**

Eise leschte Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7217 iwwert de Registre des bénéficiaires. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeloucht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Mosar, d'Madamm Hartmann, den Här Margue, den Här Reding, den Här Baum an den Här Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, zum Ofschloss vun dëser Seance nach e kleng Plaz de résistance, en technesche Projet, wéi Der en all gär hutt, mä awer och e wichtege Projet. Et ass de Projet, mat deem mer e Regëster vun de Bénéficiaires économiques vu Lëtzebuurger Gesellschaften a juristesche Persounen schafen.

Dëst ass e weidert Instrument am Kampf géint d'Geldwäsch. Et ass en Instrument vun der Transparenz, well wann ee weess, wien eng Gesellschaft kontrolléiert, da weess een och, wou d'Suen hifléissen. An dat ass evidemment eng wichteg Informatioun, wann ee wëllt géint d'Geldwäsch kämpfen.

Mat dëser Gesetzesvirlag setze mer de leschte Baustee vun der véierter Directive antilanchement ëm, der Direktiv 2015/849. Domat vermeide mer virun allem dem Lëtzebuurger Stat eng Geldstrof vun ongeféier 600.000 Euro, awer, nach vill méi wichteg, e Reputatiounsschued, dee ganz kloer op eis zoukomme géif, wa mer dës Direktiv net matzäit géifen ëmsetzen.

Als grouss Finanzplaz sti mer ganz besonnesch um Radar vun internationale Gremie wéi dem GAFI a vun der Europäescher Kommissioun en rapport mat eise Verlichtungen géint d'Geldwäsch. Eng Finanzplaz ass ëmmer ufälleg fir Geldwäsch. Dat ass an der Natur vun der Saach. An et muss ee sech dann d'Mëttele ginn, fir géint déi Kriminalitéit verzgoen. Dofir ass hei e gudde Schüler ze si kee Luxus. Neen, et ass eng Noutwendegkeet fir e klengt Land mat enger grousser, verschidde Leit soen, enger „disproportionéierter“ Finanzplaz.

Här President, et ass an der Justizkommissioun d'lescht Woch kritiséiert ginn, dass dëse Projet géif iwwert de Knéi gebrach ginn an elo just viru Chrëschttag nach schnell duerch d'Chamber gebeescht ginn. An, jo, am Idealfall wär dat och elo anescht gaangen. Am Idealfall hätte mer eis vläicht e bësse méi Zäit geholl, fir iwwert dëse Projet ze diskutéieren, mä mir hunn, mengen ech, trotzdem eis Hausaufgabe gemaach an der juristescher Kommissioun. Mir hunn de leschten Donneschden an zwou Sitzungen de ganze Projet duerchgeholl, mam Minister a senger Beamten, a mir hunn alles kontrovers diskutéiert. An ech kommen nach op verschidde Punkte vun dëser Diskussioun a menger Presentatioun zrëck.

E puer Wuert zu den Travaux parlementaires. De Projet gouf eng éischte Kéier zesumme mam Volet „registre des fiducies“ de 6. Dezember 2017 an enger Commission jointe vun der Cofibu an der Commission juridique presentéiert. De Volet „registre des fiducies“ ass mëttlerweil zum Gesetz gi vum 10. August 2018, wa mech net alles täuscht.

Duerno sinn et dann eng ganz Rei Gerichter a Kierperschaften, déi Avisen ofginn hunn zu dësem Projet mat ganz nätzlechen Apporten, an och notament e rezenten Avis vun der CNPD an der Chambre de Commerce, déi nach en Avis complémentaire zu dësem Projet ofginn huet.

Déi Avisa waren zum Deel ganz kritesch. Vill hate mat Froen zum Accès ze dinn, zum Droit d'accès ze dinn, déi sech awer zum gréissten Deel eriwwegt hunn, well mer jo mat der fréier Adoptioun vun der fënnefter Directive antilanchement op dësem Punkt en Accès public gemaach hunn zu dësem Registre des bénéficiaires effectifs, an dat ouni en Intérêt légitime mussen ze justifiéieren.

Déi Kolleegen, déi bei der initialer Presentatioun vum Projet derbäi waren, kënnen sech erënneren, dass mer deemools scho ganz laang Diskussiounen haten zu justement där Notioun vum „intérêt légitime“, zu deene Konditiounen, zu deenen ee kéint Accès kréien zu dësem Regëster. Mir haten zum Beispill d'Fro vun de Journalisten: Wat wieren d'Konditiounen fir Journalisten, fir Accès ze kréien zu deene Regëstere?

Bref, all déi Diskussiounen hu sech eriwwegt doduerch, dass mer dee Regëster elo opgemaach hunn zum Public, also e breeden Zougang gemaach hunn.

Wéi gesot, si mer elo „early adopters“ vun der fënnefter Geldwäschrichtlinn zu dësem Punkt. An ech mengen och, dass dat eppes ass, wat eis gutt zu Gesiicht steet als Land, als Finanzplaz. Dat gëtt e staarkt Signal, wat d'Transparenz ugeet, e staarkt Signal zu enger neier Politik, wann et ëm d'Finanzplaz geet.

De Projet gouf duerch Regierungsamendementen den 10. Juli 2018 ofgeännert, an duerno nach eng Kéier den 8. Oktober 2018. An der Tëschenzäit hat de Statsrot de 24. Juli 2018 säin Avis ofginn. Den zweeten Avis vum Statsrot vum 27. November 2018 hat dunn näischt méi anzewenden zu dësem Projet.

Här President, wourëm geet et hei, e bësse méi am Detail? Et geet drëm, e Regëster ze schafen, deen d'„bénéficiaires effectifs“ vu sougenannten „entités immatriculées“ repertoriéiert. Dat sinn déi zwee Schlësselbegrëffer an dësem Text.

De Bénéficiaire effectif ass keen neie Begrëff. Et handelt sech hei ëm eppes, wat elo schonn am Artikel 1 Paragraf 7 vum Geldwäschgesetz, oder vum Antigeldwäschgesetz éischter, vun 2004 steet, a senger Faassung vum 13. Februar 2018, dat justement ee Volet vun der AML 4 ëmgesat huet.

D'Definitioun vum Bénéficiaire effectif ass déi vun enger individueller Persoun, déi a leschter Instanz eng Gesellschaft entweder besetzt oder kontrolléiert, oder fir déi eng Transaktioun duerchgefouert oder eng Aktivitéit gemaach gëtt.

A wann een op d'mannst 25 % vum Kapital direkt oder indirekt besetzt an esou enger Gesellschaft, dann ass dat presuméiert, dat heescht, dat ass en Zeechen, dass esou eng Kontroll dann dee Moment do ass. Mä et ass awer esou, dass et vu Fall zu Fall kann anescht sinn. Dat ass also just en Indice, en Zeechen.

Dee wichtege Punkt, op dee mer ëmmer erëm zrëckkommen sinn an der Kommissioun an eisen Diskussiounen, ass deen, dass een, wann een all d'Méiglechkeeten erschëpft huet a kee Propriétaire fonnt huet um Enn vun der Chaîne - well där Fäll gëtt et, ech kommen och nach kuerz op déi zrëck -, dann op déi Persoun zrëckgräift oder op dat Gremium zrëckgräift, wat d'Kierperschaft dirigéiert: den Dirigeant. Dat ass dee sougenannten „fallback“ vum Artikel 1 (7) a) ii) vum Gesetz vum 2004 iwwert d'Geldwäschbekämpfung.

E weidere Punkt, dee vill diskutéiert gouf an der Kommissioun, war de Fait, dass och ASBLen an öffentlech Etablissementen vum Stat oder vun de Gemengen ënnert dëst Gesetz falen. Do ass dann d'Fro, ob dat net ze vill gëtt fir d'Veräiner, déi oft net vill Moyenen zur Verfügung hunn - dat wësse mer alleguerten - fir administrativ Tachen an oft elo schonn iwwerwältegt si vun hire Verlichtungen, zum Beispill bei deene Formalitéiten, déi se mussen maache mam Registre